CSV Dippech

Betten • Dippech • Sprénkeng • Schuller •

Oktober 2010

# Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Dippech

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Dippech

Zënter gutt annerhalwem Joër huet déi aktuell CSV-Majoritéit hei an der Gemeng neess déi politesch Responsabilitéit. Déi geleeschten Aarbecht an d'Evolutioun vun den Dossieren ass énorm. Hei denke mir un d'Maison Relais fir Kanner, de Scoutshome, un d'Chantieren fir d'Erneieren vum Lotissement Galgebierg, un Erneieren vum dem Wee vun Betten op Lampech, wou et sech ëm Chantieren handelt déi elo ausgefouert ginn oder schonns fäerdeg sinn. Aner Dossieren wéi d'Erneieren vum Domaine Haard, een neie syntheteschen Fussballsterrain, eng Spillplaz fir Jugendlecher, si vum Gemengerot gestëmmt a ginn ab Fréijoër 2011 duerchgefouert.

D'Evolutioun vun zwéi wichtegen Dossieren ass a Verzögerung geroden wéinst verschiddene Schwieregkeeten. Esou ass den Ausbau vun der Zentralschoul un déi reell Noutwendegkeet ugepasst ginn, a fir d'Finanzen vun der Gemeng am Gläichgewiicht ze halen, si Synergien tëschent der Schoul an der Maison Relais ageplangt ginn. De Projet fir een neien Pompjeesbau an Atelier fir d'Gemengenaarbechter ass duerch Problemer beim Accès a Verspéidung geroden. Mir ginn awer dovun aus dass mir an den nächste Méint dës Projeten kënnen an de Gemengerot brëngen.

Niéwt dëse grousse Projeten, sinn oder ginn och nach vill aner klénger duerchgezunn. Eis Gemeng ass a vollem Ausbau an dëst am Intérêt vun eise Läit.

Voilà un peu plus d'un an et demi que l'actuelle majorité CSV a repris la responsabilité des affaires communales. Le travail réalisé et l'évolution des dossiers en cours sont considérables. Nous pensons à la Maison Relais pour Enfants, au Home pour Scouts, au chantier de la rénovation du lotissement Galgenberg, à la réfection de la rue de Limpach qui sont de grands chantiers en cours ou projets réalisés. D'autres dossiers comme la réfection du Domaine Haard, un nouveau terrain synthétique pour le club de football, une place de jeux multisports, ont été votés par le conseil et seront entamés à partir du printemps.

L'évolution de deux projets importants a été retardée à cause d'un certain nombre de difficultés. Ainsi, la taille de l'extension de l'école centrale a été adaptée aux besoins réels et des synergies entre Maison Relais et école fondamentale, très bénéfiques pour la trésorerie de la commune, ont été prévues. Le projet de construction d'une nouvelle caserne pour pompiers et d'un nouveau hall pour la régie communale a été retardé par la recherche d'une bonne solution en ce qui concerne l'accès. Ces projets semblent pouvoir aboutir au vote dans les mois à venir.

A côté de ces grands projets, un grand nombre de réalisations ponctuelles ont été effectuées ou le seront. Notre commune de Dippach est donc en pleine évolution et cela dans l'intérêt de la population.

## Neie Scoutshome

De Gemengerot huet de Projet fir en neie Scoutshome den 18. Februar 2009 ugeholl.

Den éischte Steen ass den 31. Oktober vum selwechte Joër geluecht ginn. Momentan ass de Gipser am Asaz.

D'Alentoueren ginn am Fréijoer gemeet an eis Scouten missten fir d'grouss Vakanz am nächste Joër hei kënnen anzéien. Och dëse Projet ass wéi vill anerer och am Intérêt vun eiser Jugend.

## Nouveau home pour scouts

Le conseil communal de Dippach a voté le projet de construction d'un nouveau home pour scouts le 18 février 2009.

La première pierre a été posée le 31 octobre de la même année. Les travaux évoluent normalement. Actuellement les travaux de plâtrage sont en cours.

Les alentours seront aménagés au printemps et le home devrait être disponible pour les activités des scouts au début des vacances d'été de l'année prochaine. Ce projet s'inscrit, comme d'autres, dans la ligne des investissements au bénéfice des jeunes.

## Foussgänger a Vëloswee

Vill vun den Awunner vu Schuller gi gären an d'fräi Natur op de Feldweeër beim Schullerbësch spazéieren. Fir dohinner ze kommen, musse si awer ronn 400 Meter iwwert d'Duelemer Strooss goen. Hei gëtt ganz séier gefuer an et ass net ongefëierlech do um Summerwee ze trëppelen. Hei hu mir virgesinn e Vëlos- a Spazéierwee hannert de Stroossebeem ze bauen, dee soll fir dat nächst Fréijoer fäerdeg sinn.

## Chemin pour piétons et cyclistes

Bien des habitants de la localité de Schouweiler apprécient de se promener en pleine nature sur les chemins tranquilles de la voirie rurale au lieu-dit « Schullerboesch ». Pour y accéder, les piétons comme les cyclistes doivent franchir une distance sans trottoirs de plus de 400 m le long de la route entre Schouweiler et Dahlem. La vitesse élevée des véhicules sur ce tronçon hors agglomération constitue un réel danger pour tous ceux qui se promènent en bordure de la chaussée. Les travaux pour construire un chemin pour piétons et cyclistes sur ce tronçon, à côté de la route, derrière les arbres qui bordent la route, seront exécutés avant le printemps.

## Erneieren vun de Lotissementer Galgenbierg an Haard

D'Renovatiounsaarbechten an der Rue des Romains si praktesch fäerdeg. An der Rue Belle-Vue geet et och gutt virun. Well de Quartier vum Galgenbierg an de 70er Joëren gebaut ginn ass, sinn den Trottoir an d'Stroossen net méi an engem gudden Zoustand gewiéscht an hu mussen erneiert ginn. Gläichzäiteg ginn awer och all Infrastrukturen nei gemaach, den Erdgaz kënnt selbstverständlech och derbäi grad wéi och Fiberglaskabelen fir den Telefon. Hei missten d'Aarbechten am Hiérscht dat nächst Joër fäerdeg ginn.Mat der Renovatioun vun der Haard fänke mir direkt nom Wanter un. Den Zoustand ass hei kaum besser wéi um Galgenbierg, hei sinn och all noutwendeg Infrastukturen virgesinn.

## Rénovation du réseau routier aux lotissements Galgenberg et au Domaine Haard

Les travaux de rénovation de la rue des Romains à Dippach sont presque terminés. Les travaux avancent bien actuellement dans la rue Belle-Vue du même lotissement. Ce quartier date de la fin des années 70 et les trottoirs ainsi que le revêtement de la chaussée étaient fortement dégradés. Outre la rénovation de toutes les anciennes infrastructures, ce même lotissement sera bien entendu équipé du gaz de ville (Sudgaz) et de câbles téléphoniques avec fibres de verre. Les travaux devraient se terminer à l'automne de l'année prochaine.La rénovation du Domaine Haard devrait débuter au printemps. La situation y est similaire et le lotissement sera équipé des mêmes infrastructures qu'au lotissement Galgenberg.

## Spillplaz fir Jugendlecher zu Betten (Bolzplaz)

Am leschte Gemengerot ass een Projet fir eng Spillplaz (Bolzplaz) zu Betten gestëmmt ginn. Dës ass fir Jugendlecher virgesinn a soll an der Garerstrooss bei der neier Eisebunnsbréck gebaut ginn. Dës Bolzplaz, déi 26 m op 14 m grouss ass, soll de Jugendlechen erlaaben Fussball, Handball oder Volleyball ënnert beschten Konditiounen bei all Wieder ze spillen. Dës Zort vu Spillplaz schéngt eis wichteg fir eis Jugend ze sinn. Mir sichen nach ëmmer nom adequaten Terrainen zu Schuller/ Sprénkeng an zu Dippech.

## Place de jeux pour adolescents à Bettange (Bolzplaz)

Lors de la dernière réunion du conseil communal, un projet d'aménagement d'un terrain multisports (Bolzplaz) à Bettange a été voté. Cette infrastructure destinée aux adolescents sera érigée le long de la rue de la Gare à Bettange, à l'embranchement avec la nouvelle route qui passe en-dessous du nouveau pont de chemin de fer. Le terrain multisports, aux dimensions de 26 m sur 14 m, sera équipé de gazon artificiel et entouré de clôtures. Le terrain permettra aux jeunes de jouer au football, au Handball, au basket et au volley dans de bonnes conditions et par tous temps. Les équipements de ce type nous semblent très importants pour les adolescents. Nous recherchons toujours des terrains bien situés dans les villages de Schouweiler-Sprinkange et de Dippach.

**De Comité – Reihefolg eréi op der Foto:**
**Jean-Paul RISCHARD – President; Monique SCHAEDGEN ép.Gentilini – Sekretärin; Armand KARIGER – Keessier; Claude BOSSELER – Vize President; Alphonse DOMINICY – Vize President**
**Memberen: Carlo NEU; Gaby SCHAUL-FONCK; Benoît THEISEN; Alain MAUSEN; Hubert VAN WISSEN; Erny WESQUET; Elvire GILLES-HERMES; Jacques PELTIER; André WEIS; Gilbert SONDAG**

## Syntheteschen Fussballsterrain

Eise Fussballclub, d'Etoile Sportive Schuller, erfreet sech iwwert eng ganz grouss Zuel vu jonke Spiller. Déi 140 Spiller aus dësem Club hu momentan nëmmen een eenzegen Terrain, deen duerch déi iwwerdriwwen Notzung net kann an engem gudden Zoustand gehale ginn. Doriwwer eraus kann ee bei schlechte Wiederkonditiounen net hei spillen. Mir als CSV sinn eis bewosst wéi wichteg dëse Sport fir eis Jugend ass, hei machen se eng physesch Ustrengung, fanne Frënn, léieren Toleranz, den Equippegeescht a villes méi. Hei kann eis Jugend sech op eng positif Art a Weis austoben.

Am leschte Gemengerot ass décidéiert ginn fir een neien Terrain niérwt dem aktuellen ze bauen. Hei soll een syntheteschen Terrain mat der noutwendeger Beleuchtung entstoen. Mir hoffen dass dës Infrastruktur de Spiller no der Summerpaus kann zur Verfügung stoen.

## Terrain synthétique pour le club de football

Notre club de football, l'Etoile Sportive Schouweiler, se réjouit d'un nombre très élevé de jeunes joueurs de football. Les 140 joueurs de ce club ne disposent actuellement que d'un seul terrain qui ne peut pas être maintenu dans un état convenable à cause de l'utilisation excessive. D'autre part, par temps humide ce terrain naturel est impraticable. Le CSV est conscient du grand rôle de la pratique du football pour les enfants et les adolescents. En effet, ce sport, d'abord important en ce qui concerne l'exercice physique, développe l'amitié, la tolérance, l'esprit d'équipe, la volonté, le goût de l'effort et bien d'autres qualités. Il offre aux jeunes une possibilité de se défouler de façon positive.

Lors de la dernière réunion du conseil communal, un projet pour construire un terrain de football à côté du terrain existant a été voté. Cette nouvelle infrastructure sera munie d'un terrain au revêtement artificiel et équipé de l'éclairage adéquat. Nous espérons que cette infrastructure puisse être à la disposition des jeunes après les vacances d'été de l'année prochaine.

## Neimachen vun der Lampecher Strooss ze Betten

Noodeems duebel Vergleisung vun der Zuchstreck Péiteng-Lëtzebuerg op eisem Terrain esou gutt wéi fäerdeg ass, kënne mir d'Lampecherstrooss zu Betten, déi elo définitif net méi ze befueren ass, endlech nei maachen. Hei wäerten d'Aarbechten virum Summer vum nächste Joër fäerdeg sinn wann d'Wiederbedingungen am Wanter dëst erlaben.

## Réfection de la rue de Limpach à Bettange

Le chantier des CFL pour élargir à 2 voies la ligne de chemin de fer de Pétange à Luxembourg touche à sa fin en ce qui concerne la partie sur le territoire de notre commune. Le chemin de Bettange à Limpach est actuellement en mauvais état et une remise à neuf s'avère indispensable. Le chantier des CFL se terminant sur le tronçon concerné, les travaux de réfection seront exécutés pendant l'hiver et au début du printemps pour autant que les conditions météorologiques de l'hiver le permettront.

**Site internet CSV Dippach: www.dippach.csv.lu/**